

# Native Village News

## Maerz 2026

## Neien Otem am Keltenhaus

### Léif Guiden a Scouten, Léif Frënn vum Native Village,

No den intensive Renovatiounsaarbechten um Keltenhaus am leschte Joer, kënne mir elo ganz houfreg soen: Et ass fäerdeg! De Site ass prett fir erëm mat Liewe gefëllt ze ginn. Et freet eis besonnesch, datt scho vill Scoutsgruppen de Wee zeréck op den Neihaischen fonnt hunn, fir spannend Aktivitéiten ze erliewen.

D'Geschicht vum Keltenhaus geet weider. Wat der Ekipp Native Village, déi zënter ville Joren d'Häerz vum Projet ass, besonnesch Freed mécht, ass d'Kontinuitéit vun hirer Aarbecht: Kanner, déi fréier selwer als Wëllefcher oder AvEx un Atelieren am Keltenhaus deelgeholl hunn, kommen haut als Scoutscheffen zeréck a bréngen hir eege Gruppe mat. Dëst weist, wéi déifgräifend d'Wierkung vum Native Village iwwer Generatiounen ewech ass.

E wichtege Pilier vun eiser pedagogescher Aarbecht sinn eis Kofferen, déi mir zu engem groussen Deel erneiert an ausgebaut hunn. Ganz NEI am Sortiment sinn eis XL Holzspiller, déi d'Gruppen ab Mee ausléine kënnen. Egal ob fir e Weekend oder eng Aktivitéit am Dag – dës Spiller bidden eng flott Alternativ fir de Fréijoer an de Summer.

## Bealtaine Festival 2026: Vun engem keltesche Fest zu engem Naturfestival

No zwee Joer Paus ass et endlech erëm sou wäit: Den 23. & 24. Mee 2026 fënnt déi 11. Editioun vum Bealtaine statt. Mee dëst Joer ass alles e bëssen anescht. Mir hunn d'Zäit genotzt, fir um Konzept ze feilen.

Wat ass nei?

De Fokus verlagert sech bewosst vun de reng keltesche Ritualer hin zu engem Naturfestival

• Natur am Zentrum: Wéi och schonn an de leschten Editioune steet d'Natur vun haut, nohalteg Liewensweisen an d'pedagogesch Aarbecht mat jonke Leit am Mëttelpunkt vum Festival.

Dozou gehéieren eis klassesch Workshops fir eis jonk Visiteuren.

Nei sinn „The Great Woodland Challenge" fir AvEx a CaraPio Truppe Samschdes, den 23.5.2026 an d'XL Holzspiller fir Jonk an Al déi zwee Deeg

• Wuerzele bleiwen: D'keltesch Geschicht bleift awer och erhalen, mat kelteschen Duersteller am a ronderëm d'Keltenhaus, genau wéi eis Live Musek Bands (Pipe Bands a Rambling Rovers).

• Nohaltegkeet: Mir plangen de Festival dëst Joer nach méi konsequent nohalteg z'organiséiere mat neie Verkafsstänn aus Lëtzebuerg an der Groussregioun.

E grousse Festival an den Ënnerhalt vum Site funktionéieren nëmme mat villen Hänn wou hëllefen. Hei ass den Iwwerbléck, wou mir dech brauchen:

Mir freeën eis op Iech!

Fir d'Ekipp Native Village

*Tom Lahr*

## 07. - 10. 04. 2026 Working Camp Native Village



De Working-Camp an der Ouschtervakanz – e wichtege Rendez-vous! Dir kënnt di ganz Woch oder nëmmen eenzel Deeg dobäi sinn! Mir schlofen am Chalet a fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt



Wat steet um Programm?

- Brennholz bréngen, opschneiden an tässelen.
- d'Dréchemauer stabiliséieren a mat klenge Steng opfëllen.
- an der Schmëtt fäerdeg raumen an d'Mauer stabiliséieren
- an der Schmëtt eng nei Couche Sand op de Buedem maachen
- d'Viischt Dier vum Keltenhaus flécken: eraushuelen, Käffer dréinen, etc.
- éischt Preparatioune fir de Bealtaine-Festival maachen
- Lehmaktioun an der Schmëtt (falls mer nach Zäit hunn)
- Finissage vun den XL Holzspiller an den neie pädagogesche Kofferen



Nieft de villen Aarbechte bidde mir och geselleg Owender a gudder Ambiance un.

Umeldung: tom.lahr@lgs.lu

## Op- an Ofriichte vum Bealtaine 16. – 22. Mee (Opriichten) & 25. – 26. Mee (Ofriichten)

All Hëllef ass wëllkomm, och punktuell fir dëst Joer de Festival op- an ofzeriichten. Mir musse fir d'Organisatioun an d'Verpfleegung am Viraus wëssen, wie wéini kënnt.

Umeldung: tani.leclerc@nativevillage.lu





# 11th Bealtaine Festival vum 23 & 24. Mee 2026

Dest Joer NEI Samschdes 23.5.2026

The Great Woodland Challenge fir AvEx a CaraPio um Bealtaine Festival

Samsdes 23.05.2026 vun 11h00 - 16h00 / 17h00 Präisiwwereechung / Flott Präisser ze gewannen

Ekipp vu 4-max.6 Leit

Umeldung: bis 4.5.2026 tom.lahr@lgs.lu

15€ pro Ekipp (inclus: Participatioun un der Great Woodland Challenge, gratis Entrée Festival, Iess/-Gedrénksbong

Umeldung (bis 4.5.2026): tom.lahr@lgs.lu






Lëtzebuerger Guiden a Scouten

# 11th Bealtaine Festival

## Neihaischen / Schuttrange

BEALTAINE NEIHAISCHEN



www.bealtaine.lu

## 23.–24. Mai 2026







Samedi:
23.05.2026 11h00 – 19h00
Dimanche:
24.05.2026 11h00 – 19h00





Presentatioun vum keltesche Liewen an Handwierk an a ronderem d'Keltenhaus
Live Musek, Verkafsstänn,... während den zwee Deeg

# Mataarbechter um Bealtaine-Festival den 23. a 24. Mee 2026




## Umeldung:

De grousse Succès vum Festival verdanke mir natierlech de ville Mataarbechter, déi eis de Weekend gehollef hunn.

Och fir déi 11. Editioun vum Bealtaine brauche mir erëm vill Hänn

Hues du also Loscht an Zäit eis dëse Weekend ze hëllefen, da mell dech esou séier wéi méiglech.

Umelldung: mataarbechter@bealtaine.lu

## Wat bidde mir?

Gratis Entrée fir de Festival, vill Aarbecht awer och vill Spaass, Méiglechkeet Sonndes owes nom Festival mat eis ze feieren, Ënnerstëtzung vum Projet „ Native Village".

## Wou brauche mir elo nach Hëllef?

Mathëllef bei der Animatioun vun de Workshops fir d'Kanner,, bei de Spiller vum „The Great Woodland Challenge" fir AvEx a CaraPio (just Samschdes, den 23.5.2026), Entréeskeess, Tarte flambée, Bongekeess, Grill, Comptoir, Spull

## Kleng Aktioun – Grouss Wierkung: Bealtaine Autocollant fir den Auto

Hëllef eis, de Festival bekannt ze maachen! Mir verdeele gratis Autocollanten fir den Auto.

Bestellung: Einfach eng Mail un tom.lahr@lgs.lu schécken.



# LGS Cotisatioun 2026 fir Native Village Leit

Du bass reegelméisseg bei Aktivitéite vun der Ekipp Native Village dobäi, bass net an engem lokale Grupp aktiv, a wëlls awer Member vun de Lëtzebuerger Guiden a Scoute sinn, dann ass dëst fir dech interessant:

## Léif Memberen,

Als Deel vun eisem Verbandsgrupp – Native Village, profitéiers du weiderhi vun alle Virdeeler an hëllefs eis, d'Scoutsaarbecht z'ënnerstëtzen. Falls du deng Cotisatioun fir dëst Joer nach net bezuelt hues, biede mir dech, dëst geschwënn ze maachen.

## Wou bezuelen?

D'Membere vum Native Village, déi a kengem anere lokale Grupp aktiv sinn, bezuelen hir Cotisatioun vu 17 € direkt un de Verband op dëse Kont:

IBAN: LU65 0022 0000 0133 6758 (BILLLULL)

## Wat bréngt dir d'Cotisatioun?

Mat denger Memberschaft bass du net nëmmen offiziell dobäi, mee du kriss och:

(Deng Memberskaart vum Verband???)

D'Verbandszeitung Platte Knuet direkt an d'Boîte.

Eng Haftflichtversécherung (RC) fir Materialschied vis-à-vis vun Drëtte bei Scoutsaktivitéiten.

Eng Onfallversécherung (Optionell)

Fir Albatrossen, Mataarbechter a Membere  vum Verbandsgrupp (déi net méi an d'Schoul ginn), gëtt et eng privat Onfallversécherung (bei der „La Luxembourgeoise"). Dës deckt kierperlech Schied (Invaliditéit, Klinikskäschten, etc.) of, déi bei enger Aktivitéit entstoe kënnen.

Wichteg: Fir vun dëser Versécherung ze profitéieren, muss de Choix am Memberfichier ugekräizt sinn an du bezils 10 € zousätzlech zu denger Cotisatioun (also am Ganze 27 €).

Merci fir däin Engagement!

Däin Native Village Team



# Iwwerschaffte pädagogesch Koffer an NEI XL Holzspiller fir LGS Gruppen

Lescht an och dëst Joer gouf vum SAFAB a mat Hëllef vun der Ekipp Native Village eis vill gefrote pädagogesch Koffer iwwerschafft (nei Spiller,Iddien,...), verschidde Koffer och op Franséisch oder Englesch iwwersat a ganz NEI XL Holzspiller fir eis LGS Gruppen ausgeschafft. Ab Mee kennenGruppen des Koffer wéi virdrun um LGS Site an der Chefbox ufroen. Hinnen elo schonn vill Spaass mat de Koffer













# Réckbléck op dat Lescht Guiden/Scoutsjoer 2025, wou d'Ekipp Native Village am Asaz war



## Thinking Day am Februar 2025 zu Beetebuerg am Park

D'lescht Joer huet Ekipp Native Village um Thinking Day gehollef, dëst beim Opriichten vun den Zelter an den Dag selwer Kachen fir déi ronn 800 Participanten an Zesummenaarbecht mat der Avex Ekipp



## Working Camp Abrëll 2025

Um Working Camp goufe vill Aarbechten am Kader vun der Renovatioun vum Keltenhaus gemaach, eng Dréchemauer gebaut, un den hëlzene Plattforme geschafft , ...









## „Bronze Wollef Feier fir de Chef Scout" um Neihaischen






Bei enger feierlecher Zeremonie um Neihaischen huet den Ierfgroussherzog Guillaume – deen zënter 2019 Chef Scout vu Lëtzebuerg ass – déi héchsten international Scouting-Auszeechnung iwwerreecht kritt: de Bronzene Wollef.

Ekipp Native Village huet zesumme mat enger Ekipp vun der FNEL a kulinareschen Trëppeltour mat 10 Outdoor Kach- an Iessstatiounen organiséiert.



## Nationale Wëllefcherscamp Mystaria 2025 zu Stroossen

Um Mystaria ware vill Leit aus der Ekipp Native Village engagéiert, sief et an der Kichen, Infra an och beim Pré-Camp









## Wëldiessen am November 2025

No engem Joer Paus huet am November 2025 erëm eist traditionellt Wëldiessen stattfonnt, des Kéier wärend dräi Deeg a mat bal 300 Gäscht (neie Rekord). Eng Top-Leeschtung vun der ganzer Ekipp







www.nativevillage.lu

www.bealtaine.lu

neihaischen@lgs.lu

Native Village

Bealtaine

native_village_neihaischen

bealtaine_neihaischen

# Agenda

| | |
|---|---|
| 07. 03. 2026 | Erzielowend fir Biber a Wëllefcher mam Betsy Dentzer am Keltenhaus |
| 07. – 10. 04. 2026 | Working Camp Native Village |
| 16. – 22.05. 2026 | Opriichte Bealtaine Festival |
| 23. – 24. 05. 2026 | 11th Bealtaine Festival um Neihaischen |
| 25. – 26. 06. 2026 | Ofrappe Bealtaine Festival |
| 27.07 - 02. 08. 2026 | SAFAB Summercamp fir AvEx Truppen an Zesummenaarbecht mam Native Village |
| 20.09. 2026 | LGS Kongress a Chefdag um Lampertsbierg |
| 20. – 21.11.2026 | Wëldiessen am Keltenhaus |

**Impressum:**

Texter: Tom Lahr

Fotoen: Tom Lahr, Native Village

Layout: Marc Sinner



**Adress:**

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Native Village

1, rue Principale

L-5290 Neihaischen

**Tel:** +352 269484 - 29

**Mail:** info@nativevillage.lu